



**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 6326 vum 9. Juni 2022 vum Här Deputéierten Max Hahn.**

Op wéi enge Plaze genee sollen dës Radaren installéiert ginn? Si just déi dräi länger Tunnelen op der Héicht vu Lëntgen, Luerenzweiler an dem Waldhaff concernéiert oder soll och ee Radar am Tunnel beim Krouneberg zu Miersch installéiert ginn?

Dës Streckeradaren ginn nëmmen an den Tunnelen Stafelter, Grouft an Gousselerberg installéiert. Deemno kennt keen Radar an den Tunnel beim Krouneberg zu Miersch.

Wéi gesäit d'Zäitschinn aus fir dës Radaren z'installéieren?

Déi dräi genannte Streckeradare si viraussichtlech bis Ënn des Jores installéiert.

Wat ass de geschate Käschtepunkt heivun?

De Käschtepunkt vun dësen dräi Streckeradaren inklusiv Infrastrukturaarbechten an den Tunnelen beleeft sech op ronn 1,7 Milliounen Euro.

Wéi vill Accidenter sinn an den Tunnelen op der A7 geschitt, zënter dës Streck 2015 fäerdeg gestallt gouf?

Säit 2015 goufen an den Tunnelen op der A7 (Tunnel Stafelter, Grouft, Gousselerberg an Miersch) insgesamt 115 Accidenter enregistréiert :

	2015	2016	2017	2018	2019	2020	2021	2022
Unzuel Accidenter	7	10	11	16	32	19	14	6

Wat ass de Bilan vum Streckeradar tëscht Gonnereng an dem Waldhaff zënter dësen operationnell ass?

D'statistesche Donnéeën betreffend deene vun de Streckeradaren erfaasste Sanktioune leien ausschliesslech der groussherzoglecher Police vir.

Lëtzebuerg, den 12. Juli 2022.

De Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch